



Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6159 vum 6. Mee 2022 vun den éierewäerten Deputéierten André Bauler a Max Hahn iwwert de Wäschbier

Wéi héich gëtt d'Populatioun de Moment geschat?

Et gëtt keng Schätzungen zu der Populatioun vum Wäschbier. Wëll Déieren zielen oder schätzen ass extrem schwiereg.

Ginn et verschidden Zorte Wäschbieren zu Lëtzebuerg? Wa jo, wéi eng Zorte wieren dat?

Et gëtt eng Aart hei zu Lëtzebuerg, den *Procyon lotor*.

Op wéi eng Manéier suivéiert den Ëmweltministère d'Populatioun vun de Wäschbieren?


Den Trend vun der Populatioun gëtt via d'Ofschosszuelen duerch d'Jeeër suivéiert. D'Verbredung vum Wäschbier gëtt ausserdeem och mam Reseau vu Fotofalen am Land suivéiert. Generell kann ee constatéieren, dass d'Aart sech kontinuéierlech no Süden ausbreet.

Wéi effikass waren d'Efforten d'Populatioun ze reguléiere bis elo? Wéi vill Wäschbieren sinn an de leschte fënnf Joer pro Joer geschoss ginn?

De Wäschbier ass eréischt säit dem Juegdjoer 2011/12 bejobar. Hei sinn d'Ofschosszuelen bis 2020, aus dem Bulletin technique de l'Administration de la nature et des forêts en matière de gestion de la faune sauvage et de chasse (BT), Nr. 8.:




WASCHBÄR (1945/46 - 2019/20)
Raton laveur (1945/46 - 2019/20)





An hei déi geografesch Verbreedung vum Ofschoss, aus de Juegdjoeren 2013/14 (Quell: BT Nr. 3) an 2019/20 (Quell: BT Nr. 8):



Aus deenen Zuele gesäit een, dass d'Juegd weder d'Augmentatioun vun der Densitéit nach d'Ausbreedung no Süden konnt stoppen, sou dass se mat grousser Warscheinlechkeet relativ wéineg regulatoreschen Impakt op d'Populatioun huet.

Hält d'Madamm Ministesch et fir noutwendeg, d'Efforten ze verstärken? Wa jo, wat genee ass virgesinn, fir där invasiver Aart Meeschter ze ginn?

Den Dr. Ulf Hohmann, ee renomméierten Wäschbierexpert an Europa, sot an der Conclusioun vu sengem Virtrag, deen hien den 22. Oktober 2021 zu Esch gehalen huet, zum Thema Wäschbier: „Gekommen, um zu bleiben“. De Wäschbier wäert op Grond vu senger Liewensweis, sengem Ausbreedungs- a Fortplantungsverhalen net méi aus Europa an domadder och net aus Lëtzebuerg verschwannen.

Fir den Ëmgank mat där Aart zu Lëtzebuerg gouf extra en Aktiounsplang ausgeschafft an 2020 publizéiert. Zil vun dësem Aktiounsplang ass eng kontrolléiert Gestion vun der Wäschbierpopulatioun fir hiren Impakt op déi eenheemesch Aarten ze verréngeren an ze verhënneren dass si sech en urbaniséierte Beräicher ausbreeden (<https://environnement.public.lu/dam-assets/documents/natur/plan-d'action-eee/2020/PA-EEE-Procyon-lotor.pdf>). Dozou gehéiere punktuell Faangaktiounen a sensiblen Naturschutzgebitter fir d'Biodiversitéit an



deene Gebitter virun där invasiver Aart ze schützen. Am meeschte betraff sinn d'Vigel, virun allem déi déi um Buedem bréien, well d'Wäschbiere ganz einfach un d'Eeëer oder déi kleng Vigel kommen an dës friessen. Awer och op bedroten Aarte vun Amphibien a Séisswaassermuschelen huet de Wäschbier een negativen Impakt. Zousätzlech zu de Regulatiounsmoosnamen beinhalt den Aktiounsplang och Sensibiliséierungs- an Iwwerwaachungsmoosnamen vun där Aart.

Ass virgesinn, d'Bevëlkerung ze sensibiliséieren, wéi ee sech verhale soll, wann een engem Wäschbier, en Déier dat net ganz ongeféierlech ass, begéint?

De Wäschbier gehéiert der Famill vun de Klengbieren un an huet näischt mat der Famill vun de Bieren ze dinn. Et ass ee Marderverwandten wéi och de Marder an den Dachs an ass net méi geféierlech wie déi Déieren. D'Natur- a Bëscherwaltung (ANF) huet eng Broschür "Waschbären und Marderhunde in Luxemburg" (1. Oplag 2021) entwéckelt, déi iwwert de Wäschbier an d'Probleemer mat där Aart opkläert. Déi Broschüre gouf am März 2022 verëffentlecht an ass gratis bei der ANF ze bezéien an och online ofrufbar: https://environnement.public.lu/dam-assets/fr/conserv_nature/publications/2022/ANF-MARDERHUND-WASCHBAER-2022-web.pdf.

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung